

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming (par M. Eugène Berger), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir diskutéieren dann, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5837 iwwert d'Procédures européennes d'injonction de payer et de règlement des petits litiges. Den honorabelen Här Santer ass Rapporteur vun dësem Projet de loi. Ech géif den Här Santer bidden, de Rapport vun der Kommissioun virzedroen.

3. 5837 - Projet de loi relatif aux procédures européennes d'injonction de payer et de règlement des petits litiges et ayant pour objet de compléter et de modifier:

- **le Nouveau Code de procédure civile,**
- **le Code civil,**
- **la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,**
- **la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat**

Rapport de la Commission juridique

» M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi setze mer ënner anere zwee europäesch Reglementer ëm. Dir wäert lech froen, firwat zwee Reglementer mussen ëmgesat ginn, well jo gewosst ass, datt europäesch Reglementer keng national Ëmsetzungsbestëmmunge brauchen, fir effektiv ze sinn. Do hutt Der sécher Recht. Mä hei geet et ëm Reglementer, déi sech mat nationale Prozedure beschäftegen.

Wéinst deene verschiddene Rechtssystemer an der Europäescher Unioun an deene verschiddene Gerichtsbarkeeten an deene 26 Memberstaten an der Europäescher Unioun - ech soen express 26, dat hutt Der sécher gemierkt, well Dänemark, wéi esou dacks bei deene Reglementer, mat deene Reglementer net gebonnen ass -, also well mer verschidde Rechtssystemer, verschidde Gerichtsbarkeeten an der Europäescher Unioun hunn, hu sech déi zwee Reglementer an deem Sënn ageschränkt, andeem se an deene verschiddene Memberstaten eng gewësse Fräiheet zougelooss hu fir déi prozedural Detailer ze bestëmmen, wat fir ee Geriicht, wat fir eng Prozedur elo uwendbar ass.

Ech erënneren, datt datselwecht oder eng similaire Prozedur beim Projet de loi 5352 de Fall war, dee sech mat der Ëmsetzung vum Reglement iwwert d'Sociétés européennes beschäftigt huet. Dat maache mer elo och mam Reglement 1896/2006, dee schonn den 12. Dezember 2008 a Kraaft getrueden ass, a mam Reglement 861/2007, deen den 1. Januar vun dësem Joer a Kraaft getrueden ass. Dës zwee Reglementer vereinfachen déi souzesoen „kleng“ grenziwwerschreidend Prozesser.

Zu Lëtzebuerg gëtt et vereinfacht Prozeduren, fir zu sengem Geld, dat heescht Geld, wat eng aner Persoun lech schëllt, ze kommen. Dat ass zum Beispill d'Ordonnance de payment bis 10.000 Euro; da sidd Der um Niveau vum Friddensgeriicht. Oder de Référé sur requête oder de Référé provision beim Bezierksgeriicht, wann d'Schold iwwer 10.000 Euro ausmécht. Iwwer oder ënner 10.000 Euro heescht, datt d'Schold ouni Zësen a Fraisen, also de Montant principal vun der Schold 10.000 Euro muss ausmaachen. Dat hu mer och elo am Projet de loi prezisiéiert, och fir déi national Prozeduren, obwuel d'Jurisprudenz d'Texter schonn esou ausgeluecht hat. Mir hunn also vereinfacht national Prozeduren, déi besonnesch hëllefärch an effikass sinn, wann d'Créance onëmstridden ass.

Mä d'Situatioun gëtt awer méi heikel, wann den Débiteur sech am Ausland befënnt. Auslännesch Geriichter mat spezifesch Prozeduren, zousätzleche Käschten, Kommunikationsproblemer kënnen engem d'Liewen zimlech schwéier maachen. Besonnesch wann et sech ëm kleng Montanten handelt oder wann dës Montanten iwwerhaapt net contestéiert goufen.

Wéi kommen ech dann am Ausland zu mengem Geld? Och wann d'Montanten net gewaltig sinn - et schwätzt ee vun 2.000 Euro bei deem enge Reglement, ëm déi 10.000 Euro bei deem aneren -, kann et fir Kleng- a Mëttelebetriber an och fir Privatpersounen zu enger substantzieller finanzieller Belaaschtung kommen.

Dofir hunn déi zwee Reglementer vereinfacht Prozedure virgesinn. Dat eent gesäit eng Prozedur vir fir eis Ordonnance de payment, dat heescht, et freet een eng Autorisatioun beim Geriicht un, a wann den Débiteur an engem gewëssenen Délai keng Oppositioun mécht, ass déi Autorisatioun oder Ordonnance rechtskräftig.

Dat anert Reglement gesäit eng vereinfacht schrëftlech Prozedur vir fir Litigé mat manner wéi 2.000 Euro. Dofir ass zu Lëtzebuerg de Friddensrichter zoustänneg. De Lëtzeburger nouveau Code de procédure civile gesäit vir, datt bis 1.250 Euro beim Friddensrichter keen Appel méiglech ass. Do kann ee just a Kassatioun goen, datt heescht wéi bei Rechtsfroer virgoen. Hei hätte mer dann e Problem gehat, well dat europäesch Reglement gesäit fir grenziwwerschreidend Prozeduren d'Kompetenz vum Friddensrichter bis 2.000 Euro vir, woubäi déi national Gesetzgebung, also den nouveau Code de procédure civile déiselwecht Kompetenz vum Friddensrichter an eischer a leschter Instanz fir 1.250 Euro virgesäit.

Dofir huet de Conseil d'État eng Opposition formelle gemaach a gesot, dat kéint zu Problemer féieren, Égalité devant la loi, jee nodeems wou d'Résidence vum Débiteur ass, jee nodeems a wat fir enger Prozedur Der sidd, well et muss een net vergiessen, datt déi zwou Prozeduren, déi an deenen zwee Reglementer virgesi sinn, net exklusiv sinn. Dat heescht, et kann een nach ëmmer déi normal national Prozedur benotzen.

Dofir hu mer an der Commission juridique décidéiert, datt de Seuil vun 2.000 Euro soll och fir déi national Prozedur virgesi ginn. Dat heescht, wann dat Gesetz bis gestëmmt ass, ass déi eischt a lescht Instanz an der Kompetenz vum Friddensrichter bei 2.000 Euro Montant principal vun der Créance virgesinn. Dat heescht, wann Der eng Créance vun 1.980 Euro hutt, Montant principal, peu importe Fraisen oder Zësen, déi ugelaft sinn, da gitt Der bei de Friddensrichter. A wann Der do Onrecht kriitt, pour quelque raison que ce soit, da kënn Der net Appel maachen, da kënn Der just bei de Kassatiounsgerichtshaff goen an do iwwer eng falsch Uwendung vum Recht, vum Gesetz kloen. Net iwwert de Fong!

Déi zwee Reglementer solle besonnesch am Hëlleck vun enger verstärkter Mobilitéit an der Grenzregioun kloer, verständlech an effikass Prozeduren deene bidden, déi hir Schold am Ausland anzedreiwen hunn. Grenzen an ënnerschiddlech Rechtssystemer a -prozedure sollen an därfe keen Obstacle sinn, fir zu senger Propriétéit, zu senger Suen ze kommen.

Här President, niewent dëse Reglementer, déi eigentlech d'Kärstéck vun dësem Projet de loi sinn, ginn nach verschidden, beson-

nesch méi technesch prozedural Ännerunge virgesinn. D'Qualitéit bei zivilen Uerteeler oder bei deenen an zweeter Instanz ginn ofgeschafft. Dat ass eng fierchterlech administrativ Plo gewiescht fir all Affekoten oder administratiivt Personal, déi an Affekotsétudë woren an déi am 21. Jorhonert iwwerhaapt keng Plus-value méi haten.

Am Kader vu Successiounen kënnen op Ufro vum Curateur d'Meubles, dat heescht alles, wat keen Immeuble ass, och de gré à gré an net nécessairement iwwer eng Stee verkaaft ginn.

Notairé kënnen Ausféierunge vun hiren Akten ënnerschreiwene, fir datt se duerno an engem anere Memberstat an der Europäescher Unioun kënnen exekutiert ginn.

Wann Uerteeler mussen am Ausland ausgefouert ginn, kréien d'Greffieren de Pouvoir ganz kloer. Virdu war dat net kloer virgeschriwwen, dat heescht, et waren heiansdo d'Greffieren, heiansdo d'Riichter. Elo ass ganz kloer virgesinn, datt et d'Greffiere sinn, déi de Pouvoir hu fir den Titre exécutoire vun engem Uerteel, also déi Ausféierung vum Uerteel ze ënnerschreiwene, déi dann dem auslännesche Geriicht oder engem auslänneschen Huissier zougestallt gëtt fir d'Zwecksexekutioun. Esou kréien, an dat muss awer och nach eng Keier ënnerstrach ginn, d'Greffieren an d'Notairen - zwee wichteg Acteuren an eise Justizwiesen - kloer zousätzlech Kompetenzen, wat hir Gerichtsbarkeeten, wat hir eegen Akten ugeet, zwecks Exekutioun am Ausland.

Ech wëll net weider op all déi technesch Detailer zrëckgoen, soss misst ech, Här President, lech ermë eng Keier den Exposé des motifs virlesen an dat géif zu onnéideger Zäitverschwendung hei am Plenum féieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi wäert keng héich Mediawelle schloen. En ass och eischer technescher Natur. Mä e wäert duerch déi vereinfacht Prozeduren, déi deenen hëllefene, déi et wirklech brauchen an esou weider un d'Virdeeler vun engem integrierte Bannemaart inklusiv an eiser Groussregioun profitéieren. An op dat kënn et virun allem un. Effikass Prozeduren a géigesäitegt Vertrauen an déi aner Rechtssystemer, dat sinn och noutwendeg Mesuren, déi, wann et drop ukënn, d'Vertraue vun de Bierger an de Betriber, besonnesch de Kleng- a Mëttelebetriber, an eng méi zesummewuessend Unioun verstärken. Ech soen lech Merci a ginn domadder den Accord vun der CSV-Fraktioun.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Santer. Ech gesinn, dass d'Fraktiounen alleguerter mat dem Rapport vun eise Rapporteur d'accord sinn. Dofir géif ech proposéieren, dass mer dann zum Vote kommen iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5837 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. John Castegnaro), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

De Projet de loi 5860 steet als nächste Punkt op eise Ordre du jour. Et geet hei ëm e Protocole additionnel zur Konventioun vun de Vereenten Natiounen contre la criminalité transnationale. Déi honorabel Madame Doerner huet d'Wuert als Rapportrice.

4. 5860 - Projet de loi relatif à la traite des êtres humains,

(1) portant approbation: (a) du Protocole additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transnationale organisée visant à prévenir, réprimer et punir la traite des personnes, en particulier des femmes et des enfants, ouvert à la signature du 12 au 15 décembre 2000 à Palerme, et (b) de la Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains, signée à Varsovie, le 16 mai 2005;

(2) modifiant le Code pénal; et (3) modifiant le Code d'instruction criminelle

Rapport de la Commission juridique

» Mme Christine Doerner (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Mënschenhandel huet vill Gesichter. Fraen, Männer a Kanner kënnen wéi eng Wuer gehandelt, kaaft, verkaaft a benotzt ginn. Et ass e lukratiivt, international organiséiert Geschäft, ouni nennenswäert Investissementer, mä mat vill Récksiichtlosigkeit a Brutalitéit.

De Risiko vun enger Strofverfolgung ass kleng, well dësen typesche Kontrolldelikt meeschtens net dénoncéiert gëtt; d'Affär an d'Zeien hunn Angscht viru Représaillen. Kee Kontinent, kee Land bleift verschont vum Mënschenhandel, an d'Ursach läit an der classescher Migrationstheorie. Déi eng Säit ass den Drock vun der Aarmut an den „sending states“, an déi aner Säit eng immens Nofro vun Auslänner an den Zillänner. Dat nenne mer de sougenannten „push and pull“-Facteur.

Lëtzebuerg huet schonns eng ganz Rei vun Texter ugeholl, fir de Mënschenhandel a besonnesch déi sexuell Ausbeutung vun de Kanner ze bekämpfen. Zënter dem Gesetz vum 19. Mee 1999 ginn dës Verbrieche méi schaarf sanktionéiert an och de Schutzdispositiv vun de mannrjähregen Opfer ass verstärkt ginn. Mä nëmme mat enger organisierter internationaler Kooperatioun an enger Harmoniséierung vun den nationale Virschrëfte kënnen déi eenzel Staten dëser Kriminalitéitsform entgéintwirken. Dofir si säit 1999 eng Rei vun internationale juristeschen Instrumenter ënnerschriwwen ginn. Zu dësen Instrumenter ziele mer eischstens den UNO-Zousazprotokoll géint déi länneriwwergräifend organiséiert Verbrieche aus dem Joer 2000, awer och déi europäesch Konventioun iwwert de Kampf géint de Mënschenhandel vun 2005.

Dëse Projet de loi, dee mir haut solle stëmmen, soll net nëmme dës internationale Konventiounen approvüieren, mä e soll och nei Standarden an eise Code pénal festsetzen. Den UNO-Mënschenhandelsprotokoll aus dem Joer 2000 ergänzt d'UNO-Konventioun vun der transnationaler organisierter Kriminalitéit, och d'Palermo-Konventioun genannt, an definéiert rechtlech bannend all Aspekter vum Mënschenhandel a verfollegt dräi Ziler: Dat ass fir d'alleréisch d'Preventioun, d'Poursuiten an d'Protektioun.

Historesch gesinn, ass de Begrëff „Mënschenhandel“ ursprénglech an der UNO-Konventioun vun 1950 iwwert d'Traite des blancsch entwuess an huet sech ausschliesslech op den Handel mat Fraen a Meedercher an der Prostitutioun bezunn. De Fraenhandel zu Prostitutiounszwecker ass awer kee fraespezifischen Delikt, och wann en e groussen Deel vun alle Mënschenhandelsfäll ausmécht. Mat der Zäit huet dëse Begrëff e Wandel matgemaach an ëmfaasst haut all Handlung, duerch déi eng Persoun an en Ausbeutungsverhältnis gezwonge gëtt.

Niewent dem Fraenhandel kenne mer also nach aner Erscheinungsforme wéi Kannerhandel zu Adoptiouns- a kriminellen Zwecker. Dat sinn déi sougenannte Klau-, Heeschen- an Zaldotekanner. Zweetens hu mer den Esclavage domestique, dat ass dat Ausnotze vu bëlleger Aarbechtskraaft. A mir hunn och den illegalen Handel vun Organer. Dee fält och ënnert de Begrëff Mënschenhandel.

Ech weisen awer drop hin, dass Mënschenhandel näischt mat Mënscheschmuggel oder der illegaler Migratioun ze dinne huet, quitte dass oft e Lien besteet tëschent dësen Infraktiounen. D'Verwiesselung ass dorop hinzeféieren, dass den „human trafficking“ nach virun e puer Joer an eng laang Zäit iwwert d'Migratiounsgesetzgebung bekämpft ginn ass.

Awer och de Fraenhandel ass enk mat der Prostitutioun verbonnen. Aus der einfacher Ursaach, dass d'Clienten aus dem „red light“-Milieu dauerhaft no Ofwiesselung a frëschem Ravitaillement froen. Mä trotzdem sinn d'Begrëffer vu Prostitutioun a sexueller Ausbeutung absichtlech am Palermo-Protokoll an an der Mënschenhandelskonventioun net definéiert ginn. Dat berout op enger Konsensléisung vun de Staaten. Firwat?

Well den Zougank zu der Prostitutioun ënnerschiddlech an deenen eenzelne Länner regléiert ass. Festzehalen ass awer, dass d'Prostitutioun u sech net ënnert d'Traite fält. Mä d'Zwangsprostitutioun ass awer ofzegrenzen, well hei duerch en Zwangselement d'Selbstbestëmmungsrecht, déi fräi Wëlbildung an och d'Entscheidung geschuet ginn.

De Palermo-Protokoll definéiert also explizit den „human trafficking“. Dës Notioun bezitt sech op de Rekrutement, den Transport, den Hébergement an den Accueil a setzt selbstverständlech Täuschung, Zwang, Gewalt, Mëssbrauch vu Muecht an Afloss viraus. Dat wëllt soen, dës Definitioun enthält dräi Elementer: Handlung, Mëttel an Zweck, déi kumulativ mussen zesumme virleien. Ech ginn e Beispill. Mënschenhandel läit vir, wann een eng Persoun beherbergt, dat ass d'Handlung, fir se gewaltsam, dat ass d'Mëttel, zu Zwangsarbeit, dat ass den Zweck, auszebeuten.

Awer och d'Europäesch Unioun beschäftegt sech säit Längerem mat deem Thema. No der Décision-cadre vum Juli 2002 sinn och Ustëftung, Bähëllef an Tentative strofbar. D'EU-State ginn elo verpflichtet, de Mënschenhandel mat wierksamen an ofschreckende Strofen ze verfolge. Prisongsstrofe vun net manner wéi aacht Joer sollen ënner bestëmmten Ëmstänn ausgesprach ginn, wann zum Beispill d'Liewe vum Affer a Gefor gesat ginn ass, wann d'Verbrieche am Kader vun enger krimineller Organisatioun stattfonnt huet oder awer d'Affer besonnesch vulnérabel oder schwach ass. Eng Personne morale kann och zur Rechenschaft gezu ginn, wann d'Verbrieche an hirem Numm geschitt ass.

Schlussendlech hu mer de Ministercomité vum Europarat, deem 2005 d'Mënschenhandelskonventioun zu Warschau ënnerschwien huet. Hei steet den Afferschutz un éischer Stell. Ouni deen ass selbstverständlech de Kampf géint dës Kriminalitéitsform kontraproduktiv. Dës mënschenrechtsorientéiert Konventioun iwwerhëlt, verbessert, erweidert d'Bestëmmunge vu Palermo op all Forme vu Mënschenhandel.

Fir d'éischte Kéier gëtt och ausdrécklech op déi schwéier Mëscherechtsverletzungen higewisen. Dës Konventioun setzt op d'Chancëgläichheet tëschent Männer a Fraen, op den Afferschutz, op eng effizient Poursuite an Instructioun. Awer och wichteg Bekämpfungsstrategie sinn d'Schafung vun engem komplette Schutz- an Hëllefskader fir d'Affer an d'Zeien, awer si setzt och op déi international Kooperatioun.

Här President, d'Zoustëmmung an d'Ëmsetzung vun dësen dräi internationalen Instrumenter setzt keng gréisser Upassung vun eiser nationaler Gesetzgebung viraus. Fir

wat? Well mir scho ganz vill Virschreften an eisem Code pénal hunn.

Wat elo déi nei Bestëmmungen ugeet, esou gëtt en Deel direkt an dësem Gesetzestext agefouert an en aneren Deel duerch separat Texter. Wéi zum Beispill de Projet de loi iwwert d'Responsabilitéit vun de Personnes morales, awer och de Projet de loi 5874 iwwert déi zivilrechtlech Assistance a Protektioun vun de Mënschenhandelsaffer; déi gëtt vun der Familljekommissioun ënnert der Présidence vun der honorabeler Madame Andrich bearbecht.

Iwwert dëse Projet muss ech e puer Wieder soen, Explikatiounen ginn. An zwar, dass am Kader vun der Chancëgläichheet dëse Gesetzestext a sengem Artikel 14 proposéiert, och d'Komplizitéit um Mënschenhandel ënner Strof ze setzen. A sengem Avis, deem d'lescht Woch erauskomm ass, opposéiert sech awer de Conseil d'État, dass dëse Volet pénal vun der Komplizitéit an dësem Projet vun der Égalité des chances soll traitéiert ginn. Vu dass dësen Avis um Courrier électronique no dem Ofschleisse vum Rapport an der Commission juridique komm ass, konnt eis Kommissioun sech net mat där Opposition befaassen. Dofir wëll ech e puer perséinlech Iwwerleeungen zu dësem Artikel ginn.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech kommen zréck op déi Mëscherechtskonventioun vu Warschau an do ass et bemierkenswäert, dass d'Europaratskonventioun de State suggéiert huet, ze iwwerleeën, ob Persounen, déi wëssentlech Dëngschtleeschungen vun Zwangsprostituéierten an Usproch huelen, bestrooft solle ginn. Dat ass déi éischte Kéier, dass d'Memberstaten opgefuerdert gi sinn ze iwwerleeën, ob d'Strofverfolgung sech och op déi sougenannte Freiere soll ausdehnen.

Ech hunn awer Recherchë gemaach, wat déi aner Memberstaten ubelaangt, an do konnt ee feststellen, dass no heftegen Diskussiounen an deene verschiddensten europäesche Länner, ob eng Definitioun vum Begrëff vun der sexueller Selbstbestëmmung méiglech wär, festgehalen ass, dass dorobber soll verzicht ginn. Well fir déi stroferechtlech Literatur an och d'Sexualwëssenschaft ass dëse Begrëff eng idealtypesch Fiktioun, well de Begrëff vun der Wëlbildungsfräiheet ass dorunner ugeknäppt, an dat ass extrem schwéier ze definéieren. Well mer awer hei an engem Volet pénal sinn, mussen déi Stroftexter iwwert deen Delikt ganz prezis a virsiichteg libelléiert sinn. Ech maachen déi Klammer erëm zou an ech kommen elo zréck zu eisem Projet, dee mir haut wëlle stëmmen.

Dëse Projet innovéiert op engem wesentleche Punkt. De Mënschenhandel gëtt als eng autonom Infraktioun ënner engem nei geschriwwene Kapitel am Code pénal agefouert, an zwar ënnert dem Kapitel „de la traite des êtres humains“. Déi Lëtzeburger Definitioun vum Mënschenhandel inspiréiert sech net nëmme vun der Kaderdécisioun, mä och vun de belschen an de franséischen Texter. Domadder gi mir hei an eisem Code pénal méi wäit wéi déi international Instrumenter. Dat wëllt soen, dass d'Uwendung oder d'Menace vun der Gewalt, dat heescht all Moyer, fir Kontroll iwwer eng Persoun ze kréien, zu de Bestanddeeler vum Mënschenhandel zielt. Eise Projet ignoréiert dës Elementer, zumindest um Niveau vun der Definitioun vum Mënschenhandel.

Dës Elementer vu Moyens de contrôle spillen eréischt eng Roll um Niveau vun de Circonstances aggravantes, wann eng Peine soll gesprach ginn. De Parquet

brauch net de Moyer ze beweisen, iwwert deen een d'Kontroll iwwer en Affer kritt huet. Et geet duer, den Transport oder de Rekrutement ze beweisen an natierlech d'Ausbeutung vum Affer. Och d'Rémunératioun oder den Avantage mussen net bewise ginn. Zu Recht huet de Statsrot a sengem Avis bemierkt: «L'objectif de lucre sort à suffisance de l'exploitation de la victime.» Zu de Methoden, wéi en Affer Kontakt mat deemjéinegen, deen et wäert ausbeuten, kritt huet, zielt och «le fait de passer ou de transférer le contrôle sur la victime».

Wat d'Ausbeutung vun Aarbechtskraaft ugeet, wëll ech nach ervirhiewen, dass mir preziséieren, dass dësen Abus géint d'Wärd vum Mënsch geet.

An nach e leschte Punkt: Den initialen Text huet sech mat der Hypothees, wou en Affer gezwonge géif ginn, selwer en Delikt ze begoen, net ofginn. Dat huet awer de Statsrot a sengem Avis bedauert, dass een dëse Fall net zu de Bestanddeeler vum Mënschenhandel géif zielen, an d'Kommissioun huet dem Statsrot Recht ginn an den Text deementspreechend ofgeännert.

Wat elo nach méi technesch Detailler sinn, berufen ech mech op de schrëftleche Rapport, an ech wëll ofschleissen, dass de Sënn an Zweck vun dësem Projet net nëmmen de Schutz vun eenzelne Persounen ass, mä och vun der Gesellschaft viru skrupellose kriminelle Wirtschaftsformen. Och de Lëtzeburger Stat huet d'Verpflichtung, de Mënschenhandel effektiv ze bekämpfen. Ech erënneren un en Uerteel vum Europäesche Geriichtshaff fir d'Mëscherechter, dee Frankräich 2005 an engem Fall vun Esclavage domestique verurteilt huet wéinst ze schwache gesetzleche Regeln. Dofir mäin Appel un Iech, dëse Projet ze stëmmen, an ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Ech soen der Madame Doerner Merci fir hire Rapport. Als éischt Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» Mme Colette Flesch (DP). - Här President, Léif Kollegen, et geet also hei dorëm, en Zousazprotokoll vun enger Konventioun vun der UNO an eng Konventioun vum Europarat ze approvüieren an domadder an onsem Code pénal an am Code d'instruction criminelle eng nei Infraktioun anzeféieren: d'Traite des êtres humains.

D'Rapportrice ass an hirem schrëftlechen a mëndleche Rapport an hirem gewinnter grëndlecher a kompetenter Aart a Weis op déi eenzel Aspekter vum Projet agaangen. Ech wëll der Madame Doerner duerfir villmools Merci soen a wëll och net dat widderhuelen, wat si schonn esou gutt hei virgedroen huet. Ech wëll och direkt dorop hiweisen, dass mir als DP-Fraktioun dee Projet wäerte stëmmen.

Ech wëll, Här President, awer dozou dräi Bemierkunge maachen oder Froen opwerfen. Laut Artikel 3 vun dësem Projet gesäit den neien Artikel 382-1 vum Code pénal also elo vir: «Constitue l'infraction de traite des êtres humains le fait de recruter, de transporter, de transférer, d'héberger, d'accueillir une personne, de passer ou de transférer le contrôle sur elle, en vue: 1) de la commission contre cette personne des infractions de proxénétisme, d'agression ou d'atteintes sexuelles;...» - dann e Punkt, dee menger Meenung no ganz wichteg ass - «...2) de l'exploitation du travail ou des services de cette personne sous la forme de travail ou de services forcés ou obligatoires, de servitude, d'esclavage ou de pratiques analogues et en général dans des conditions contraires à la dignité humaine; 3) du prélèvement d'organes ou de tissus en violation de la législation en la matière; 4) de faire commettre par cette personne un crime ou un délit, contre son gré.»

Här President, wéi mäi Kolleg, den Här Xavier Bettel et an der Commission juridique verschiddeentlech bei der Diskussioun vun dësem Projet ervirgestrach huet, bedauere mir, dass den Élément intentionnel bei dëser Infraktioun net expressis verbis am Text virgesinn ass.

Sécher heescht et am Text, dass d'Infraktioun besteet, wann d'Faits constitutifs vun der Infraktioun geschéien - Zitat: «en vue de». Nach ass den Élément intentionnel net juristeschesch kloer genuch ëmschriwwen, wéi dat an aneren Texter de Fall ass.

Am Artikel 4 vun der Konventioun vum Europarat heescht et «aux fins d'exploitation», an am engleschen Text - deen den Originaltext ass - „for the purpose of exploitation“

Ech weess, dass den Text vun deem Projet, deen ons elo hei virläit, sech net wesentlech vun deenen Ëmsetzungstexter an Nopeschlänner ënnerscheet. Nach hätt d'demokratesch Fraktioun sech an dësem Punkt eng Formulatioun gewënnscht, aus där de Caractère intentionnel a juristeschen Terme méi kloer géif ervirgoen.

Här President, den Text därer op jidde Fall net dozou féieren, dass spéiderhin e Buschauffer, deen eng Fra a sengem Bus setzen hat, oder en Hotelier, deen déiselwecht Persoun hébergéiert huet, ouni ze wëssen, wie se wär a wat se géif maachen, eng Fra, déi dann hei zu Lëtzebuerg beispillsweis zur Prostitutioun gezwonge gëtt, beschëllegt ginn. Et kann net sinn, dass dann de Buschauffer oder den Hotelier wéinst Traite géifen ugesicht ginn. Ech géif also de Minister bieten, op deen Élément intentionnel a senger Äntwert ganz genee anzegoen an ons ze soen, wéi d'Regierung gewëllt ass, d'Applikatioun vun deem Text ze gesinn.

An ech géif de Minister och bieten, an Zukunft en A op d'Jurisprudenz ze halen an, wann néideg, da vläicht eng Kéier den Text ze komplettéieren, fir dass do näischt virkënn, wat net gewënnscht ass.

Mir sinn all d'accord, dass d'Traite des êtres humains soll verbuede sinn. Mir sinn all d'accord, dass se soll bestrooft ginn, mä nach soll keen, deen accidentellement en enger Chaîne vun Evenementer deelhält, ouni eng Intentioun ze hunn, dofir gestrooft ginn. Dat schéngt ons e ganz wichtige Aspekt, dee vläicht bis elo an dëser Diskussioun an an dësem Text net genügend zur Geltung koom.

Ech wëll ënnersträichen, Här President, dass et bei der Traite des êtres humains net nëmmen ëm Prostitutioun a Proxénétisme geet. D'Madame Rapportrice huet ganz vill op déi zwee Aspekter higewisen, an ech verstinn dat och, well ganz oft ass d'Traite des êtres humains précisément dat. Mä et ass net nëmmen dat. Et ass och d'Exploitatioun vun der gezwongener Aarbecht an de gezwongene Servicer, déi vun enger Persoun verlaangt ginn.

An dat bréngt mech, Här President, zu menger zweeter Fro. A leschter Zäit stelle mer an der Stad Lëtzebuerg fest, dass d'Heeschen enorm zougeholl huet. Op Schrëtt an Trëtt an der Groussgaass, am Passage Alldringen, an der Neipuert, virun der Cour des Comptes begéint een Heescheleit. Si di kengem eppes un. Mä si droe bestëmmt net zum Bild vun der Stad Lëtzebuerg, wat mir ons wënschen, bäi.

Laut Informatiounen, déi ech an deem Zesummenhang vum Regionaldirekter Zentrum vun der Police kritt hunn, handelt et sech ëm Rumänen, also EU-Bierger, déi beim Auchan zu Lonkech campéieren an déi moies an d'Stad bruecht ginn - well do d'Heeschen anscheinend méi ergiebeg ass wéi iwwert der Grenz - an owes erëm zréckgeféiert ginn. D'Police, esou gëtt mer gesot, wär mat hire franséische Kollegen a Kontakt, mä et wär ganz schwéier, un d'Organisateure vun deem Trafic erunzekommen.

Här President, wa Frankräich déi international Konventiounen, déi mer haut diskutéieren, ënnerzeechent huet, a wann d'franséisch Gesetz vum 18. Mäerz 2003 iwwert d'intern Sécherheet en Artikel 225-4-1 am Code pénal virgesäit, wéi ons gesot ginn ass, deen dem virgeschloenen Text vum neien Artikel 382-1 an onsem Code pénal gläicht, da misst dach do eppes ze maache sinn.

Ech wëll hei op eng Bemierkung agoen, déi de Statsrot gemaach huet am Zesummenhang mam Projet 5874, deen d'Madame Rapportrice schonn erwähnt huet, an ech zitéieren: «L'efficacité du combat contre ce phénomène...» - et geet hei ëm d'Traite des êtres humains - «...dépend moins d'un développement tous azimuts de nouvelles procédures coulées dans des dispositions légales que d'une application résolue et rigoureuse de textes existants par les organes de répression et par les services d'assistance d'ores et déjà en place.»

Här President, meng Fro also un de Justizminister: Wat huet hie wëlle ze ënnerhuelen, fir där organisierter Mendicitéit op öfentlecher Strooss, also där Exploitatioun vun deene Leit en Enn ze setzen?

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzeburger Journal, Zeitung vum Lëtzeburger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Op mäin drëtte Punkt, Här President, ass d'Madame Rapportrice och schonn agaan-gen: Parallell zum virleienden Text gouf am Familljeministère e Projet de loi ausgeschafft - den 5874 -, dee sech och op d'Konventioun vum Europarot vum 16. Mee 2005 berëfft a sech mat der Preventioun vun der Traite des êtres humains an dem Beistand fir d'Opfer dervu beschäftegt.

De Projet gëtt anscheinend de Moment nach an der Familljekommissioun diskutéiert a steet haut net zur Debatt. Nach mécht de Statsrot a sengem Avis vum 3. Februar 2009, wéi d'Madame Rapportrice gesot huet, zu deem Projet eng Bemierkung, déi direkt mat onser Diskussioun haut vum Projet 5860 a Verbindung steet.

Den Artikel 14 vun deem Projet de loi, also dem 5874, schafft en neien Delikt, deen doranner besteet, déi Déngschtleeschungen an Usproch ze huelen, vun deenen ee weess, dass déi betreffend Persoun Affër ass vun der Traite des êtres humains. Dat ka sécherlech d'Prostitutioun betreffen, mä dat kann och den Travail forcé oder de Service forcé betreffen.

De Statsrot kann den Auteurs vum Projet de loi 5874 an deem Sënn follegen, dass een do géif en Délit schaffen, dee strofbar gemaach gëtt. De Statsrot wonnert sech awer, dass esou eng Bestëmmung net an dese Projet erakomm ass, dee mer haut diskutéieren, an net soll an de Code pénal ageschriwwen ginn.

De Statsrot kënnegt eng Opposition formelle un an ass der Meinung, wann ee wëilt op dee Wee vum Projet goen, da misst eng autonom Infraction virgesi ginn, déi an de Kader vun deem Gesetz misst ageschriwwen ginn, wat mer haut diskutéieren.

D'juristesche Kommissioun konnt sech net, an dat huet d'Madame Rapportrice zu Recht gesot, mat deem Problem auserneeetzen, well den Avis vum Statsrot erëischt déi lescht Woch komm ass, nodeem mir ons Aarbechten an der juristescher Kommissioun ofgeschloss an de Rapport fäerdeg gestallt haten.

Nach mengen ech, dass d'Regierung sech haut, wou den Avis vum Statsrot zum 5874 bekannt ass, mat där Problematik misst auserneeetzen, an ech wär frou, wann den Här Justizminister dat géif maachen.

Meng Froen un hie sinn also: Wat mécht d'Regierung mat der Opposition formelle vum Statsrot zum Projet 5874? Wëllt d'Regierung dese Projet de loi, dee mer haut an der Diskussioun hunn, direkt nobesseren an de Vote aussetzen? Wëllt d'Regierung den Text stëmme loossen an en duerno nobesseren? Wëllt d'Regierung den Artikel 14 aus dem Projet de loi 5874 sträichen, d'autant plus dass de Statsrot dorop hiweist, dass keen anere Stat esou en Delikt geschaffen huet?

Onofhängeg vun den Äntwerten zu dese Froen, Här President, muss een d'Regierung awer och froen, ob déi rechts Hand nach weess, wat déi lénks mécht. Ech weess, dass et hei zwou rechts Hänn sinn.

(Hilarité)

Mä nach huet een d'Impressioun, dass et net eng einarmeg Regierung ass, mä eng keinarmeg Regierung. An anere Wieder, wann et ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Konventioun geet, soll an der Regierung matenee geschwat ginn, soll een am beschten ee Ministère mat der Ëmsetzung vun esou enger Konventioun betrauen, oder et soll een op d'mannst derfir suergen, dass d'Positiounen vun de Ministère coordonnéiert ginn. Do bleift also, souguer wa mer dese Projet de loi stëmmen, d'Regierung der Chamber an dem Land eng Äntwert schëlleg.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Flesch Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Err agedroen. Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Lydie Err (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho bal alles gesot. Et sinn e puer Problemer opgeworf ginn, an ech wäert dann elo probéieren mat mengen Noten hei alles ze évi-téieren, wat schonn ugeklongen ass.

Kloer sinn op jidde Fall zwou Saachen: Et geet em d'Transpositioun vum Protocole de Palerme a vun der europäescher Konventioun géint de Mënschenhandel. De Protocole vu Palerme datéiert scho vun 2000; deen anere vun 2005. Ech mengen, dass et evident ass, dass mer an Zugzwang sinn an dass dat, wat elo virläit, sécherlech be-gréisst gëtt, och wa mir wëssen, dass, wat d'Europarotskonventioun ubelaangt, d'Mise en vigueur schonn ee Joer ënnerwee ass, dass mir also net op deem Punkt elo terribel wichteg sinn.

De Moment sinn nach iwwert d'Halschecht vun de Memberstate vum Europarot an Zugzwang. Mir sinn also souzesoen dann an engem dezente Mëttelfeld. Dat ass ze begrëssen.

Manner ze begrëssen ass déi Tatsaach, dass mer zwee Gesetzer hu fir eng Transpositioun vun zwou Konventiounen, an dass déi zwee Gesetzer net mateneen diskutéiert ginn. Dann hätten nämlech déi Problemer, déi d'Madame Flesch elo just hei opgeworf huet, kënnen geléist ginn an engem Einvernehmen vun de Memberen aus verschid-dene Kommissiounen.

Dat ass menger Meinung no awer och kee majeure Problem ënnert de Konditiounen, ënnert deene mer sinn, well et ass näischt, wat de Rapport vun der Familljekommissioun empêcheiere géif och eng Ajoute an de Code pénal ze maachen, fir déi Dispositiounen, déi an deem Text sinn, wierklech kënnen ze applizéieren.

D'Reiefolleg ass net ganz richtig. Et ass net logesch, fir hei eng Complicitéit an eng Tentative ze penaliséieren, wann d'Hauptinfraction net besteet. Dat wär en evidenten Avantage gewiescht, wann d'Saachen zesummekomme wäeren. Dann hätte mir hei an der Sëtzung kënnen ganz einfach en Amendement zu deemem Gesetz maachen, an dann dat heite fir d'éischt huelen, an dat anert fir d'zweet. Mä ech mengen, dass et net ëmmer op eng impeccabel Prozedur ukënnt, wann d'Endresultat zu deene Problemer da soll richtig sinn.

Ech wollt zwou Saache soen, déi mer opgefall sinn, wéi ech mech virbereet hu fir dese Rapport, an zwar déi Differenzen zwëschent „Trafic“ an „Traite“. Déi Begrëffer ginn oft duercherneegehäit, well si ganz no beienee leien. An trotzdem sinn zwëschent deenen zwee Begrëffer ganz grouss Differenzen.

Beim Trafic ass et esou, dass de Franchisement vun enger Grenz, also en irréguliert Iwwerschreide vun enger Grenz a sech d'Infraction duerstellt, während et bei der Traite normalerweis och eng illegal Iwwerschreide vun enger Grenz gëtt, mä déi awer am Fong nëmmen en Niewenaspekt ass vun den Elementer vum Mënschenhandel a sech.

Et ass och evident, dass d'Iwwerschreide vun enger Grenz nëmmen a verschiddenen Instrumenter, notamment am Palermo-Protokoll, indispensable ass. Well no den Dispositiounen vun der Konventioun vum Europarot, kann et och eng Traite ginn, wann et net eng Grenziwwerschreide ass. Dat ass eng vun deene groussen Differenzen zwëschent deenen zwee internationalen Instrumenter, déi mer transposéieren.

Grob gesot, kënn een et folgendermoossen ausdrécken: Palermo ass eng international, an deem Fall eng UNO-Konventioun, déi op déi klassesch Aart a Weis probéiert dem Mënschenhandel bäizekommen; dat heescht iwwert de Pénal, iwwert d'Strofe vun deenen, déi eng Infraction maachen.

Wat nützelech ass, dat ass, dass, fir dat kënnen ze maachen, hei ganz kloer Definitiounen kommen, Explikatiounen kommen, wat fir eng Elementer konstitutiv si vun der Traite. D'Madame Flesch huet se schonn hei am Detail opgezielt, esou dass ech do net méi brauch drop zrëckzekommen.

Contrairement zum Palermo-Protokoll, ass d'Philosophie vun der Konventioun vum Europarot eng ganz aner. Well et scho Konventiounen gëtt, déi de penalen Aspekt toiséieren, ass hei den Accent op d'Protektioun vun de Victimë geluecht, an och op d'Ofschafung vu Violatiounen vu Mënscherechter, déi en evidenten Obstacel si fir d'Gläichbehandlung zwëschent Männer a Fraen.

Doriwwer eraus ass nach philosophesch eng Differenz mat deser Konventioun vum Europarot, andeem dass et eng Konventioun ass, wou praktesch - fir d'éischt, wou ech mech jiddefalls drun erënneren - e Kontrollorgan matgeschafft gëtt - dat gëtt hei GRETA genannt -, wat soll kontrolléieren, wéi sech déi Konventioun vum Europarot an der Praxis auswierkt.

Well wéi hei schonn ugeklongen ass vun enger vun deenen zwou Vierriednerinnen, ass dat heiten elo e gutt juristescht Instrument. Mä gutt ass et nëmmen dann, wann et esou

applizéiert gëtt, dass déi Moyens humains an déi Moyens financiers, déi mer brauchen, fir eng gutt Applikatioun ze maachen, op der Héicht si mat der Qualitéit vun den Texter, déi mer amgaange sinn ëmzesetzen.

Duerfir ass et fir mech héichinteressant feststellen, dass et hei méiglech war e Kontrollorgan an enger Konventioun ze schaffen, dee soll kontrolléieren, ob dann déi Konventioun och wierklech esou an d'Praxis ëmgesat gëtt wéi dat soll sinn.

D'Plus-value vun der Konventioun par rapport zum Protokoll vu Palermo; et läit mer um Häerz, fir Iech déi ganz kuerz ze erklären.

Éischtens - dat ass schonn ugeklongen - ass hei d'Preventioun an d'Protektioun vun der Victime den Hauptbut, während et an där aner Konventioun ganz kloer ass d'Infractionen ze poursuivéieren.

Hei ass och en Aspekt vun der Preventioun mat dran, deen normalerweis an enger penaler Konventioun, wéi dem Protocole de Palerme, net mat applizéiert gëtt.

Déi drëtt Differenz - an ech hunn déi och schonn en marge uklänge gelooss -: Et kann eng Traite ginn, ouni dass et eng Grenziwwerschreide gëtt, wat am Palermo-Protokoll net virgesinn ass. Et ass also kloer, dass hei och Mënschenhandel op nationalem Plang ka poursuivéiert ginn, och ouni dass muss eng Organisation criminelle hannendru sinn. Eng individuell Organisation op engem nationalen Territoire vun eenzelne Leit fält also net ënnert de Protokoll vu Palermo, mä e kann ënnert d'Konventioun vum Europarot falen. Och dat ass eng grouss Ännerung.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Deen nächste Punkt ass, dass hei probéiert gëtt, iwwert des Konventioun eng Harmonisatioun iwwert den Traitement vun de Victimen a vun der Assistenz vun den Zeien ervirzerufen.

Et kann net sinn, dass bei transnationalen Infractionen jiddwereen aneschtens mat den Zeien ëmgeet, wann eng Grenz iwwerschritt ass. Et wär nämlech schonns esou, dass d'Auteurs vum Trafic, an d'Zeien, déi eventuell aussoe kéinten, sech géifen dat Land eraussichen, wat déi beschten oder déi favorabelst - fir si - Dispositiounen huet. Dat Land wär dann an enger désagréabler Situatioun par rapport zu den Nopeschlänner. Et géif am Fong den Trafic kënnen néien. Duerfir ass et absolut noutwendeg fir d'Effikassitéit vun der Preventioun a vun der Poursuite, dass d'Konditiounen an deene verschiddene Länner ähnlech sinn.

Eppes aneschtens ass enorm wichteg, an zwar, dass et méiglech ass an der Europarotskonventioun, dass Victimen, déi eng Infraction gemaach hunn, net bestrooft ginn, wa festgestallt ass, dass se zu deenen Infractionen gezwonge gi sinn.

Dat ass eng Iddi, déi et bis elo nach a kenger internationaler Konventioun ginn ass. Mat deem Beispiil, wat d'Madame Flesch uklänge gelooss huet, géif dat am Fong heeschen, dass souguer dann, wann d'Mendicitéit verbueden ass, dass wa mer deen Tatbestand do géifen opdecken an un d'Traffiquanté géifen erukommen, géif dat net ipso facto heeschen, dass déi Leit, déi ënner Contrainte forcéiert gi si sech der Mendicitéit hincéginn, misste mat bestrooft ginn.

Ech mengen, dass dat wierklech en interessant Element ass. D'Konventioun huet doriwwer eraus nach extra Dispositiounen fir de Kannerschutz, d'Identifikatioun vun deene Kanner a speziell Mesures d'assistance.

Da schlussendlech - an dat ass fir mech op jidde Fall d'Häerzstéck aus der Konventioun vum Europarot - gëtt et an där Konventioun e Minimum-Délai vun 30 Deeg, deen een de Victimë vun der Traite muss loossen, fir dass si sech kënnen en connaissance de cause iwwerleeën, ob si oder ob si net bereet sinn an engem Prozess géint hir Traffiquanten auszesoen.

Well wéi Der Iech all kënnst virstellen, ass dat weder fir si nach fir hir Familljememberen eng evident Saach. A si mussen och kënnen - an dofir ass dat och en Element, dat an deser Konventioun ganz staark ënnerstrach gëtt - op Zeieschutzmoosnamen zrëckgräifen, fir net hiert Liewen op d'Spill ze setzen doduerch, dass se bereet wieren an engem Traiteprozess auszesoen.

Dat si grosso modo déi Elementer, déi ervirzeesträiche si bei der Konventioun.

Ech wollt dann nach eng lescht Iwwerleeung maachen an erklären, dass dat heiten, dat heescht den Enguement vun der Traite, am Fong déi Ursaach war, firwat ech eng Proposition de loi gemaach hunn iwwert d'Prostitutioun, an zwar de leschte Mäerz.

Firwat hunn ech mech dee Moment fir déi Démarche entscheet, obschonn et keng Démarche gëtt, déi perfekt ass? Dat ass, well aus internationale Studien erauskënnt, dass de Fait, dass den Handel mat sexuellem Verkéier ënner Strof ze stellen deen eenzege Moyen ass, fir de Mënschenhandel en vue vun der Prostitutioun anzedämmen. Well et ass evident, wa Leit, déi wëlle Sue verdénge mat der Exploitation sexuelle vun aneren, dass déi net an e Land Fraen oder Kanner oder Männer importéiere gi fir se zur Prostitutioun ze zwängen, wa se wëssen, dass si sech selwer stroffälleg maachen, dass sech d'Clientë vun deenen trafiquéierte Leit stroffälleg maachen an dass et dofir evident ass, dass den Trafic massiv erfogheet, wa mer déi richtig Législatioun eraussichen, fir un d'Prostitutioun erunzekommen.

Da kommen ech, Här President - ech hat Iech dat versprochen, duerfir huet et e bësse méi laang gedauert -, zu enger leschter Remarque. Wéi gesot, hunn ech déi Proposition iwwert d'Prostitutioun virun engem Joer gemaach. Si ass och hire Wee gaangen, mä theoretesch hätt missen d'Regierung no sechs Méint Positioun huelen a mir hätten dann op jidde Fall kënnen hei déi Proposition virstellen. Dat ass wéi esou oft net geschitt.

Soumat gëtt mer dann eigentlech déi Diskussioun iwwert déi zwou international Konventiounen d'Geleeënheet, op déi Initiativ do hinceweisen. Och do gëtt et ganz kloer, dass et net duergeet Bestëmmungen ze hunn, déi eingermooßen an der Rei sinn. Well eis Bestëmmungen iwwert d'Proposition-de-loi gesinn um Pabeier ganz gutt aus, mä esou ass et mam Règlement, wéi mat deenen heite Saachen, wa mer Bestëmmungen hunn, déi mer net uwenden, dann huet et net vill Wäert fir se ze hunn.

Ech mengen duerfir, dass et gutt wier, dass Dir, Här President, als Chef vun deem héijen Haus, am Zesammenhang mat deem Dossier, fir deen ech iwwregens den onageschränkten Accord vu menger Fraktioun bréngen, derfir géift suergen, dass och déi Propositions de loi, déi vun de Kolleegen hei agereecht ginn, conformément zu den Texter, déi mer hunn, an deser Chamber behandelt ginn. Ech weess, dass eng nei Réglementatioun en vue ass, mä dat ass kee Fräifahrtsschäin fir entre-temps ze maachen, wéi wann näischt geschitt wier.

Merci.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Hie ka jo direkt äntwerten.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Err. Ech wäert kucke wou déi Proposition drun ass an der Regierung rappeléieren, dass se eng Stellung dozou soll huelen. Et ass elo kee Riedner méi ageschriwwen, esou datt et um Här Justizminister Luc Frieden ass fir Stellung ze huelen.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi hei ass in extenso presentéiert a kommentéiert ginn. Ech géif wëlle souwuel der Rapportrice wéi all deenen aneren Deputéierte Merci soe fir hir Intervention.

Mir sinn eis eens en fait, wat d'Finalitéit an d'Wichtigkeet vum Schutz vu Mënschen ubelaangt, mat deene gehandelt gëtt. Eleng déi Wieder beienee ze setzen, ass scho skandaléis: Handel a Mënschen. De Mënsch ass net en Objekt, mat deem ee kann handeln. Duerfir ass et gutt, datt souwuel eis national Dispositiounen wéi déi international Konventiounen dat streng verbidden.

Ech wëll och drun erënneren, datt déi éischt Dispositiounen an deem dote Beräich ganz am Ufank, wéi ech Justizminister war, gemaach gi sinn; esou 1999. Dat am Kontext iwwregens vun engem Text géint d'sexuell Exploitatioun vun de Kanner. Hei gi se nach méi prezis gemaach. Hei gi se verbessert. Hei komme Circonstances aggravantes derbäi. Dat ass eng gutt Saach an duerfir sinn ech frou, datt dat hei eng breet Zoustëmmung an der Chamber fënnst.

Et ass eng komplex Problematik an et geet effektiv net duer, datt een den Text huet. D'Uwendung vum Text ass wuel esou wichteg. Ech mengen, datt et normal ass, an ech beäntwerten och domadder déi Fro, déi awer fir mech evident ass, vun der Madame Flesch, datt och hei den Élément intentionnel wéi ëmmer erëm am Strofrecht eng wichteg Roll spillt.

Et schéngt mer ganz kloer, datt een och muss an deemem wéi och an anere Beräicher kucken, wat an der Jurisprudenz do ass. Et soll ee sech Rendez-vous ginn, fir an engem Joer, wa vläicht déi eng oder déi aner Jurisprudenz do ass, nach eng Kéier ze kucken, wéi dat heiten an der Praxis ugewannt gëtt. Ech mengen, datt deen Text hei duer-

D’Klassifizéierung huet op d’mannst dräi Virdeeler: Eischstens ass et am Interessu vum Verbraucher, deem doduerch d’Méiglecheet kritt déi Apparater ze kafen, déi den niddregsten Energieverbrauch hunn, an domat dann och boert Geld op der Waasser- oder Stromrechnung spuere kann. Zweetens erliichtert eng europawäit eenheetlech Klassifizéierung an Etikettéierung de grenz-iwwergräifenden Handel. Besonnesch hei an der Groussregioun ass dat interessant, well et erlaabt e méi liichte Vergläich vum Ugebuet ze maachen. Drëttens ass déi Klassifizéierung am Interessu vun der Ëmwelt, well eben duerch si energieeffizient, spuersam Apparater kloer vun aneren ze ënnerscheede sinn, an domat de Ressourcenverbrauch natierlech ka reduzéiert ginn.

D’Fro stellt sech allerdéngs, firwat d’Chamber elo eréischt am Mäerz 2006 mat dësem Projet de loi befaasst ginn ass, obwuel jo d’Direktiv schonn aus dem Joer 1992 datéiert? Bis elo war et esou, dass d’Regierung respektiv den zoustännegen Energieminister d’Direktiv 92/75/CEE an hir verschidden Directives d’application via Règlements grand-ducaux an d’nationaalt Recht ëmgesat huet, an zwar op der Basis vun engem Gesetz vum 9. August 1971 «concernant l’exécution et la sanction des décisions et des directives ainsi que la sanction des règlements des Communautés européennes en matière économique, technique, agricole, forestière, sociale et en matière de transports».

Elo muss een awer wëssen, dass déi Reglementer net ëmmer applicabel sinn, besonnesch fir Matièreen, déi laut eiser Verfassung de Gesetzzer virbehale sinn. A sengem Avis vum 5. November 2002 zu zwee groussherzogleche Reglementer iwwer Climatiseuren an lewen huet de Statsrot dat ganz kloer bemängelt. Esou wéi en och bemängelt huet, dass d’Etikettéierungsflcht en Agrèff an d’Liberté de commerce géif duerstellen, déi am Artikel 11, Paragraph 6 vun der Verfassung verankert ass, an dass duerfir e Règlement grand-ducal net duergeet, mä e formellt Gesetz muss gemaach ginn. Domat huet de Statsrot, an e mécht dat gewéinlech an deene Matièreen do, eng séier liberal Interpretatioun vun der Verfassung virgeholl.

Dës Interpretatioun ass zwar an engem juristeschen Avis vum Ministère de l’Économie contestéiert ginn. Schlussendlech huet de Wirtschaftsminister awer decidéiert, fir dem Conseil d’État Folleg ze leeschten, an huet en entspreichende Projet de loi ausgeschafft.

Nieft dësen Iwwerleeungen ass dat Gesetz awer och néideg ginn, fir deene virgesinnene penale Sanktiounen eng legal Basis ze ginn.

De Projet de loi ass also de 16. Mäerz 2006 vum Wirtschafts- an Energieminister Jeannot Krecké an der Chamber hannerluecht ginn. De 7. Februar 2007 huet d’Chambre de Commerce hiren Accord zu deem Projet ginn. Och de Statsrot huet an engem éischten Avis vum 1. Mee keng grondsätzlech Beanstandungen ugemellt. Esou konnt den 11. Oktober d’Economieskommissionn den Dossier ufänken an hire President, den Alex Bodry, ass deemools zum Rapporteur genannt ginn. Den 2. Abrëll d’lescht Joer huet d’Kommissionn eng Rei vun Amendementer ugeholl, déi vum Statsrot den 9. Dezember 2008 dann och positiv aviséiert gi sinn. An den 22. Januar ass de schrëftleche Rapport vun der Kommissionn ugeholl ginn.

D’Kommissionn empfiehlt der Chamber, dat Gesetz an där Form, wéi et virläit, unzehuelen. Ech wëilt och den Accord vun der LSAP-Fraktioun dozou bäidroen an ech si glécklech a frou doriwwer, dass ech als Stellvertreieder kee Kuerzschloss gebaut hunn an d’Haus net an d’Däischtert versat hunn.

(Hilarité)

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass de Projet de loi 5555, d’Direktiv iwwert d’Beschrëfte vum Energieverbrauch vun Haushaltsapparater. D’Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Bodry, deen ersat gëtt duerch den honorabelen Här Castegnaro.

» **Mme Colette Flesch (DP).**- De Rapporteur, dee représentéiert gëtt duerch den Här Castegnaro.

» **M. le Président.**- Wéi d’Madame Flesch ganz richteg bemierkt, den Här Rapporteur ass représentéiert duerch den honorabelen Här Castegnaro. Här Castegnaro, Dir hutt d’Wuert.

5. 5555 - Projet de loi transposant la directive 92/75/CEE du Conseil du 22 septembre 1992 concernant l’indication de la consommation des appareils domestiques en énergie et en autres sources par voie d’étiquetage et d’information uniformes aux produits

Rapport de la Commission de l’Économie, de l’Énergie, des Postes et des Sports

» **M. John Castegnaro (LSAP), en remplacement de M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Ech hoffen op der Héicht vun der Tâche ze sinn a si mer der Éier bewosst, de verhënnerte Rapporteur Alex Bodry haut de Mëtteg hei vertrieiden ze däerfen. Ech wëll him och direkt Merci soe fir dee schrëftleche Bericht.

Bei deem Projet de loi, deen hei virläit, dem 5555, geet et ëm d’Ëmsetzung vun enger Direktiv, nämlech 92/75/CEE aus dem Joer 1992 iwwer, an ech liesen dat op Franséisch, «l’indication de la consommation des appareils domestiques en énergie et en autres sources par voie d’étiquetage et d’information uniformes aux produits», oder op Lëtzebuergesch gesot, et geet ganz einfach ëm d’Kennzeechnung vun Haushaltsapparater bezüglech de Ressourcenverbrauch, dee se hunn, respektiv de Verbrauch, an dat ganz besonnesch un elektrischer Energie.

Beträff si folgend Apparater: d’Frigoen, d’Tiefkühler, oder kombinéiert Apparater, Wäschmaschinnen, Trockner, oder kombinéiert Apparater, Spullmaschinnen, elektresch Uewen, waarmt Waasser, Boiler mat oder ouni Reservoir, Liichtmëttel, also Bire fir ze lichten, Klimaanlagen. All dës Geräter musse beim Verkaf, oder wa se verlount ginn, oder bei enger Location en vente mat enger Etikett gekennzeechent sinn. Déi Etikett muss dann Opschloss ginn iwwert de Ressourcenverbrauch, an et muss och en entspreichend Informationsblat derbäi sinn.

Ausserdeem verpflichtet déi Direktiv de Lieferant eng technesch Dokumentatioun bereetzehalen, déi et erméiglecht, dass déi Angabeben, déi op der Etikett sinn, och iwwert d’Informationsblat nogepreift kënne ginn. Dës Dokumentatioun, an dat ass net oninteressant, muss et nach mindestens fënnef Joer nom eventuelle Produktiounsstopp vun deem betreffende Gerät ginn.

Des Weidere verbitt d’Direktiv d’Ubränge vun Etiketten oder Symboler, déi net konform zur Direktiv sinn, oder déi irreführend wieren. Ausgeholl vun dësem Verbuet sinn déi unerkannt national an europäesch Ökoclassen. Fir d’Iwwerwaachung vun dëse Regeln ass déi nei geschafe Verwaltung, d’ILNAS, déi mer virun e puer Méint hei votéiert hunn, zoustänneg. D’Klassifizéierung vun Haushaltsapparater no hirem Energieverbrauch gëtt et natierlech schonn zënter laangem. Mir wëssen alleguer, a mir kennen déi Etiketten, déi vun A, A+, A++, B, C an esou weider schwätzen, respektiv och nach mat ënnerschiddleche Faarwen, gréng, giel, orange an esou viru versi sinn. Déi fënnt een op de Frigoen, op de Wäschmaschinnen, an déi informéieren eben iwwert den Energieverbrauch vun engem Gerät.

Den Ëmweltminister huet grad elo virun e puer Deeg eng Campagne lancéiert, mat där d’Biergerinnen an d’Bierger zum Kaf vu méi spuersame Kill- a Gefréierschief animéiert solle ginn, an déi sinn ebe just op där Klassifizéierung opgebaut. Et muss een awer dobäi soen, dass déi Mesure net nëmmen eng Ëmweltmeasure an dësen Zäiten duerstellt, mä sécherlech och derzou bäidréit fir de Konsum héichzehalen.

Projet oder en amendéierte Projet zu deem dote Sujet erabrénge, an et ass un der Kommissionn ze decidéieren, wat si mat där Opposition formelle mécht.

Dat wéi gesot, Här President, zum Projet selwer, deen hei zur Ofstëmmung läit. Ech begrëssen déi grouss Unanimitéit. Ech hoffen, dass en an der Praxis gebraucht gëtt, wa Menschenhandel opgedeckt gëtt. Menschenhandel ass eng absolut inakzeptabel Situatioun, an duerfir fënnt alles, wat derzou bäidroen kann, dass mer de Menschenhandel méi staark bekämpfe kënnen, eis Ënnerstëtzung.

Duerfir sinn ech dankbar, am Numm vun der Regierung, fir déi breet Ënnerstëtzung, déi dat hei am Parlament fënnt.

Merci.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister Frieden. D’Madame Flesch huet elo d’Wuert.

» **Mme Colette Flesch (DP).**- Merci, Här President. Zum Plazverweis: Ech mengen, do kennt den Här Minister Frieden ganz genee d’Positioun vu menger Partei. D’Autoritéite vun der Stad Lëtzebuerg, bei deene meng Partei vertrueden ass, hu verschiddentlech gefrot, dass ee soll iwwert déi Problematik nodenken. D’Polizei freet et. Mir wëssen och, dass et net einfach ass, mä mer hunn awer kënnen an Däitschland feststellen, dass dat et der Polizei heiansdo erméiglecht Problemer ze léisen, a mer mengen et wier derwäert, dass een doriwwer géif schwätzen an dass ee géif versichen do zu enger Lösung ze kommen, fir déi mer eng Base légale brauchen. Ech sinn also frou vum Minister ze héieren, dass hien elo endlech bereet ass an d’Commission juridique ze kommen, fir iwwer esou Saachen ze schwätzen.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, ass, dass bei där Mendicitéitsgeschichte, déi ech ugeschwat hunn, wat mech do am meeschte schockéiert ass d’Informatioun, wéi déi kritt hunn, déi schéngt drop hinzewiesen, dass déi Leit vun Trafiquanten „gemanaged“ a mëssbraucht ginn. Duerfir froen ech mech, ob et am Sënn vun där Législatioun, wéi déi, déi mer amgaang sinn ze schafen, a vun där Législatioun, wou d’Fransousen anscheinend schonn en Artikel an hirem Code pénal hunn, keng Méiglecheet gëtt, net déi Leit ze bestrofen - loin de moi cette idée -, mä déi Trafiquanten, déi déi Leit mëssbrauchen? Dat ass jo précisément dat, wat mer versiche mat dësem Text ze verbidden. An duerfir, mengen ech, géif sech do eng Opportunitéit bidden, fir mat de franséischen Autoritéiten ze kucken, ob een net iwwert dee Wee de Problem kéint an de Grëff kréien.

Merci Här President.

» **Plusieurs voix.**- Très bien.

» **M. le Président.**- Merci, Madame Flesch. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum Vote iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5860 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par Mme Nancy Arendt), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall’Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roland Schreiner), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

geet an dass deen och net onbedéngt muss verbessert ginn.

Wat der Madame Err hir Proposition de loi ubelaangt, esou si mer wéi bei all anerer Proposition de loi amgaangen doriwwer ze diskutéieren. Do ginn et ënnerschiddlech Vuen driwwer. Déi sinn net op enger Säit vum Dësch oder op där anerer Säit vum Dësch vun der Regierung; déi gi queesch duerch d’Regierung. Wa mer eng gemeinsam Vue doriwwer hunn, wäert d’Regierung och dozou Stellung huelen. Déi Vue hu mer fir de Moment nach net. Ech géif och mengen, hei an Äre Fraktiounen, an all de Fraktiounen géif et och doriwwer keng eestëmmeg Vue ginn. Dat Thema hu mer iwwregens schonn emol heibannen diskutéiert.

Wat d’Fro vun der Madame Flesch ubelaangt iwwert d’Mendicitéit, esou ass dat eng Fro, déi mer ganz um Häerz läit. Ech si frou, dass d’Madame Flesch hei d’Regierung encouragéiert oder ënnerstëtze wäert, wa se Schrëtt wäert ënnerrhuelen. Ech soen lech just, dass ech déi Schrëtt, déi ech do wäert ënnerrhuelen, gären am Virfeld géif mat der Chamberskommissionn diskutéieren. Well et ass esou, dass mer haut keng juristesch Handhab hunn an dass all juristesch Handhab, déi een do mécht, natierlech eng Aschränkung vu verschiddene Grondfräiheete mat sech zitt.

D’Madame Flesch huet dann normalerweis hei eng ganz grouss Ried gehalen, wou se fonnt huet, mir géifen d’Grundfräiheeten aschränken. Wa mer also eppes maache wéi Platzverweis, wéi an Däitschland, wou een also net méi dierf op verschidde Plaze goen, da wär ech frou, wann all Partei dat géif total ënnerstëtzen. Da muss d’Police also kënne soen: An där doter Strooss dierf déi an déi Persoun net méi sinn.

Wat fir Kontrolle mécht een do? Ech hunn also geduecht, well ech am Fong méi freiheitsliebend sinn, wéi d’Madame Flesch dat och beschreift, dass dat ganz vill Froen opwerft. Dofir géif ech proposéieren, dass mer an enger vun deenen nächste Commissionjuridiquen deen Text géife kucken, deen Däitschland huet, dee Frankräich net huet. Wa mer do e Konsensus fannen, da misst et jo einfach sinn, fir am nächste Mount esou ee Projet de loi ze maachen.

Ech mengen, dass de Platzverweis ganz vill Problemer opwerft. Dofir wär ech frou, wa mer, fir esou een Text ze maachen, Unanimitéit an der Chamber kéinten hunn. Ech hunn déi Texter do, well ech mech mat där Fro an deene leschte Wochen - géif ech soen - fënnef, sechs Stonnen ofginn hunn, fir ze kucke wéi mer dee Problem an de Grëff kréien.

D’Fransousen hu keng esou Dispositioun an d’Fransouse soen, et wär ganz schwiereg Menschenhandel nozeweisen. Dofir hunn d’Fransouse bis elo keng Aktiounen géint déi dote Saache gemaach. En plus hutt Dir en Immigrationgesetz hei gestëmmt, wat et net erlaabt, déi Leit op eng durabel Aart a Weis aus dem Land ze schécken, well se Member vu der Europäescher Unioun sinn.

Déi ganz Problematik kënne mer zesummen, wa méiglech mam Immigrationsminister, an der Commission juridique beschwätzen. Ech fannen, d’Situatioun ass net gutt, mä an anere Länner ass se och net gutt. Et gëtt an enger fräier Gesellschaft net einfach fir Leit, déi just do sëtzen an heeschen, kënne vun där Plaz ewech ze kréien. Dat ass eng Problematik, déi ech als ganz seriö emfannen, wou ech wëll eppes maachen, wou ech och a Kontakt si mat der Geschäftswelt vun der Stad Lëtzebuerg, fir also ze kucken eng Solutioun ze fannen, déi och eng breet Majoritéit, wann net eng Unanimitéit an dësem Parlament fënnt. Ech si frou, dass d’Madame Flesch do bereet ass, d’Regierung op deem Wee mat gudde Suggestiounen ze begleeden.

Wat deen anere Projet de loi ubelaangt an d’Fro vun der Opposition formelle am Text vum Projet de loi 5874, esou ass dat awer, Madame Flesch, eng Fro, déi sech net un d’Regierung adresséiert, mä un d’Chamber. D’Chamber decidéiert, ob se enger Opposition formelle vum Statsrot Rechnung dréit oder net.

D’Regierung ass der Meenung, dass deen Text, dee mer proposéiert hunn, e gudden Text ass. Et ass och net esou, dass deen een Text ee vun der Familljeministerin ass an deen aneren ee vum Justizminister. All Projet de loi dréit d’Handschrëft vun der ganzer Regierung.

Ech mengen, dass d’Kommissionn vun der Madame Andrich sollt déi Fro kucken. Am Prinzip, wa mer wëllen de Projet de loi stëmmen a mat Zäit stëmmen, muss ee vläicht där Opposition formelle Rechnung droen. Mä dat ass awer wierklech an den Hänn vum Parlament an net vun der Regierung. D’Regierung wäert op jidde Fall net en neie